



**mouvement  
écologique**

Un de Nohaltegkeetsministère  
M. François Bausch  
Mme. Carole Dieschbourg  
M. Camille Gira

Un de Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Februar 2018

Betrëfft : Bam-Allee an der Neier Avenue

Här Minister,  
Madame Minister,  
Här Staatssekretär,  
Madame Buergermeeschter,  
Madamen an Häre Schëffen,

Mat grousser Befriemen si mir als Mouvement Ecologique gewuer ginn, datt d'Bamallee an der Neier Avenue Ärer Iwwerzeechung no misst ofgeholzt ginn, dat engersäits wéinst dem Bau vum modernen Tram an anersäits wéinst dem Besoin vun der Erneierung vun de Leitungen.

An den Debatten bis elo war ni dervu geschwat ginn, datt déi Ofholzung misst geschéien.

Dës Bamallee stellt - mat der Neier Avenue en tant que telle - e Kulturgutt duer a prägt d'Stadbild am ganz positiven.

Mir wollten duerfir folgend Froen un Iech riichten, fir ons kënnen e méiglechst objektivt Bild vun der Situatioun ze maachen:

- Kënnt Dir eis soen, wat déi genau Grënn sinn, firwat des Baamallee soll ofgeholzt ginn?
- Gëtt et Alternativen zur Ofholzung, och wann déi ggf. méi opwänneg wären (technesch, finanziell an zäitlech gesinn)?
- Am Fall wou Dir der Meenung sidd, datt eng Ofholzung onerlässlech ass, - duerch wéi eng Beem géif des Allee ersat ginn (Zort, Gréisst)?

- A wéi engem Zäitraum?
- Géif datt erëm eng reegelrecht Allee ginn?
- Wéi kann een an Zukunft verhënneren, datt aus Grënn vun der Sanéierung vu Leitungsnetzer eppes Ähnlechtes op dëser oder enger anerer Plaz nees en Thema géif ginn?

Mir ginn dervun aus, datt des Donnéeën jo verfügbar sinn, soss hätt Dir déi Decisioun vum Ofholzen net kënnen der Press matdeelen.

Asoufern biede mir lech eis déi Informatioun - vu d'Aktualitéit vun dem Dossier - a kuerzen Delaisen zouzestellen.

Merci am Virus !



Blanche Weber  
Presidentin



Roger Schauls  
Responsabel Naturschutzgrupp



Emile Espen  
Regional Stad Lëtzebuerg